
WIKIPEDIA

Alemannesch

Dësen Artikel ass eréischt just eng **Skizz**. Wann Dir méi iwwer dëst Theema wësst, sidd Dir häerzlech invitéiert, aus dëse puer Sätz e richtegen Artikel ze schreiwen. Wann Dir beim Schreiwen Hëllef braucht, da luusst bis an d'FAQ eran.



Déi alemannesch Dialekter

Alemannesch ass en däitschen Dialekt, deen am Süde vun Däitschland, am Elsass, an der Schwäiz an am Vorarlberg (Éisträich) geschwat gëtt. Et gëtt véier verschidden Dialekter:

- Schwäbesch a Schwaben (Oste vun Baden-Württemberg a Weste vun Bayern)
- Nidderalemannesch am Norde vu Baden, an engem groussen Deel vum Elsass, am Vorarlberg an an Deeler vun der Schwäiz
- Héichalemannesch am Süde vu Baden, an engem groussen Deel vun der Schwäiz an am Süde vum Elsass
- Héchstalemannesch am Süde vun der Schwäiz

An Däitschland, am Elsass an am Vorarlberg ass den Dialekt a Gefor auszestierwen, well Héichdäitsch dat Alemannescht ersetzt. Et gëtt virun allem vun ale Leit geschwat; um Land ass et méi heefeg wéi an de Stied.

Dee wichtegsten alemannesche Mondaartdichter ass de Johann Peter Hebel.

LIteratur

- *Alemannisch im Sprachvergleich. Beiträge zur 14. Arbeitstagung für alemannische Dialektologie in Männedorf (Zürich) vom 16.-18.9.2002*, erausgi vu Glaser, Elvira / Ott, Peter / Schwarzenbach, Rudolf. Franz Steiner Verlag, 1. Oplo 2004. Aus der Serie: Zeitschrift für Dialektologie und Linguistik. Beihefte 129
- Wikipedia op Alemannesch